# Grousse Viva-Vakanz Tournoi 2013

**Samschdeg**

**6**

**JULI**

Deen Dag gëtt et an der Spillfabrik e grousse Concours. **De 6. Juli vu moies 10:00 Auer bis owes ca. 19:00** gëtt gespillt, an an der Mëttesstonn gëtt et e gudde **waarme Maufel**. Mooss dech an enger Rei Spiller mat denge Frënn vun der Spillfabrik! De Gewënner däerf sech Champion nennen, an e kritt e **klenge Präis** vum Club gestëft.

Jiddweree bestreit 4 Virronne mat all Kéiers engem anere Spill. Déi véier bescht Spiller aus de Virronne kommen an d'Finale!
An der Finale gëtt méi e laangt Spill ausgewielt. De Gewënner vun där Partie ass den Champion vun der Spillfabrik 2013!

Wat gëtt gespillt? Ma dat hänkt vun iech of! **Stëmmt of**, wéi eng Spiller dëst Joer um Programm stinn. D'Lëscht fir ofzestëmmen hänkt **an der Spillfabrik op der Pinnwand.**

**Mellt iech w.e.g. op der Lëscht op der Pinnwand un, an ob dir mat eis iesst. Dir kënnt iech och via Mail op** kontakt@spillfabrik.lu **umellen.**

Fir d'Iesse froe mer eng Onkäschtebedeelegung vu **5 Euro**.

Mir freeën eis drop, iech am Summer kënnen ze begréissen!

De Komitee